N°4167
Entrée le 02.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden.

Den 23. Mee huet d'Tageblatt an engem Artikel op Mängel an der Ofwaasserpolitik verwisen. Verschidde Kläranlagen uechter d'Land géinge lues un hir Limitte stoussen. Bei anere feelt eng systematesch Kontroll. An heiansdo ginn et Feeluschlëss wou net opfält datt Ofwaasser an d'Kanalisatioun leeft. Well nei Zone laut Waassergesetz nëmmen amenagéiert gi wann och d'Ofwaasserinfrastruktur garantéiert ass huet dëst och Konsequenze fir de Wunnengsbau an d'raimlech Entwécklung. Besonnesch wichteg ass an dem Kader de maximalen Awunnergläichwäert (op däitsch "Einwohnergleichwert"). De Wäert gëtt Asiicht op déi gesamt Klärkapazitéit vun enger Anlag, an dem Waasserverwaltung no gëtt den säit 2016 reegelméisseg an enger Rei Kläranlagen iwwerschratt.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Vu wéi vill Kläranlagen am Land kann een soen, datt se iwwerlaascht sinn? Wéi eng Ausbau- a Moderniséierungsaarbechte ginn den Ament ënnerholl? Bis wéini sinn dëst Aarbechten ofgeschloss?
- Kann d'Regierung eng Tabell mat den Awunnergläichwäerter (EGW) vun alle Kläranlagen am Land, ugepasst mat hirer maximum Kapazitéit, an der aktueller Kapazitéit a prognostizéierter Kapazitéit an 10 Joer deelen?
- Laut dem genannten Artikel ginn nëmmen 1/3 vun de Kläranlage zu Lëtzebuerg kontrolléiert. Entspriechen déi rechtlech 2/3 vun de Kläranlagen den europäesche Mindestufuerderungen?
- Wéi eng Moossnamen hellt d'Regierung fir Feeluschléiss z'ënnerbannen an et esou net zu Feelkalkulatiounen bei de Kapazitéite vu Kläranlage kennt?
- Huet d'Regierung wëlles d'Koordinatioun tëscht dem Staat, de Gemengen, an de Syndikater ze verstäerken fir d'Gestioun vum Ofwaasser an de Wunnengsbau besser ze koordinéieren? Wa jo, wéi gedenkt se dës ze maachen?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu